N°3199
Entrée le 17.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n°3199 vum 17. November 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert E-Scooteren, a méi speziell Vëloen a Pedelece mat engem Elektromotor bis 25 km/h.

1. *Wéi vill Accidenter mat E-Scootere goufen an de leschten dräi Jore vun der Police enregistréiert, a wéi héich war dobäi d'Zuel vu Blesséierten oder materielle Schied?*

Fir d'Äntwert op dës Fro erlaben ech mir op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2810 vum 27. August 2025 ze verweisen.

2. *Gedenkt d'Regierung, Verkéiersschoulungen, fir Fuerer vun E-Scooter ze maachen (z.B. ab 13 Joren), fir d'Verkéierssécherheet ze verbesseren?*

Eng vun de Mesurë vum "Plan national Sécurité routière" gesäit vir, fir an de Schoulen de Sujet vun der Stroossesécherheet méi aktiv ze behandelen. De Sujet vun de E-Scooteren ass sécherlech een deen och dozou gehéiert.

3. *"Fir de Leit dat awer nach emol an Erënnerung ze ruffen, wäert analyséiert ginn ob eng vun den nächste Sensibiliséierungscampagne sech ëm Sécherheet vun den E-Scooteren dréie kéint." Wéini wäert eng Sensibiliséierungscampagnen zum Thema E-Scooter gemaach ginn?*

Eng vun den nächste Sensibiliséierungscampagne kéint sech effektiv ëm Sécherheet vun den E-Scooteren dréien. Beim Zäitpunkt muss een awer oppassen, dass een der Tatsaach Rechnung dréit, dass munch Phenomener am Stroosseverkéier saisonal bedéngt sinn. Dëse muss dofir bei enger Sensibiliséierungscampagne berücksichtegt ginn. Generell wäert awer och gekuckt ginn, ob beispillsweis net och eng Campagne sënnvoll wier, déi net exklusiv E-Scootere betrëfft, mee d'Mikromobilitéit als Solches behandelt.

4. *Wéi steet d'Ministesch zur Iddi, fir ee System anzeféiere fir d'Immatrikulatioun vun E-Scooteren, fir am Fall vun Accidenter eng kloer Haftungsbasis ze schafen?*

E-Scooteren a Vëloen si laut dem Code de la Route gläichgestallt. Dofir brauch keng speziell Immatrikulatioun agefouert ze gi fir eng eventuell Haftungsfro ze beäntweren.

Huet esou e Gefier awer en Elektromotor iwwer 25 km/h, ass et dogéint als Cyclomoteur unzegesinn, mat alle Virschrëften déi fir Motorrieder gëlle wéi Immatrikulatioun, Führerschäin, Casque, Versécherung, wat och deementspriechend vun der Police kontrolléiert gëtt.

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes